REVUE DE LA L.P.P.D.

# rappel

4e trimestre
2001
50e Année

4 PATRIOTIQUE
HISTORIQUE
LITTÉRAIRE

# Helzen an Houfelt:

## Éierong vun 9 verschleefte Patrioten

E Sonndeg, de 14. Oktober 2001, hunn d'Leit aus der fréierer Gemeng Helzen un hir Krichsaffer geduecht. Net manner wéi 9 Awunner aus den 2 Uertschafte Helzen an Houfelt goufe bei der Rundstedtoffensiv am Januar 1945 vun der Gestapo an Däitschland verschleeft. Bis haut weess keen, wat duerno mat hinne geschitt ass. 1981 gouf op Initiativ vum fréiere Buergermeeschter Henri Wenkin zu Houffelt ee Monument opgeriicht, an déi Hannerbliwwe vun de Victimë krute vum „Conseil National de la Résistance" een Éierendiplom iwwerreecht. (Cf. „Rappel" N° 5-6/1981, S.141-148).

20 Joer méi spéit wor dann elo eng weider Erënnerongsfeier zu Houffelt, bei där eng Plack mat den Nimm vun den 9 Affer ageweit gouf.

Um 10.30 Auer wor an der Kierch zu Houfelt eng feierlech Mass, déi vum Kierchekouer verschéinert gouf a bei där den Här Paschtouer Schumacher un déi schro Zäiten erënnert huet. Ugefouert vun der Musek a begleet vun de Pompjeeë sinn duerno d'Leit am Cortège bei d'Monument gaang, un der Spëtzt de Schäffen- a Gemengerot vu Wëntger mat der Madame Buergermeeschter Agny Durdu, dem Éierebuergermeeschter Henri Wenkin, dem Deputéierten Nico Loes an dem Organisateur vun de Feierlechkeeten François Theis, Vertrieder vun de betraffene Krichsaffer-Familljen.

D'Feier beim Monument gouf musekalesch encadréiert vun der „Société musicale Wincrange".

Nodeems datt d'Madame Buergermeeschter d'Plack mat den Nimm vun den 9 Victimen dévoiléiert an den Här Paschtouer d'Monument ageseent hat, huet de President vum CNR Aloyse Raths d'Wuerd ergraff:


„Madame Député-Maire, Här Deputéierten,
Här Éierebuergermeeschter a Frënd Henri Wenkin,
Dir Dammen an Häre vum Schäffen- a Gemengerot,
Här Paschtouer,
Léif Familljemembere vun de Victimen,
Dir Dammen an dir Hären,

Et sinn elo 20 Joer hier, datt mir op där selwechter Plaz hei stungen, fir dat Monument anzeweien, dat d'Undenke vun 9 Leit aus den Uertschaften Helzen an Houfelt éiere soll, déi am Krich hiert Liewen op eng tra-

gesch Mannéier hu misse loossen. Deemols, de 17. Mee 1981, hu mir de Familljemembere vun de Krichsaffer am Numm vum Conseil National de la Résistance en Éierendiplom iwwerreecht.

Datt dir dës Victimen net vergiess hutt, dat beweist déi Erënnerongsplack, déi dir haut hei ubruecht hutt.

Iwwer d'Ëmstänn an d'Ursaache vun denen 9 Verhaftongen duerch d'Gestapo ass deemols net vill geschwat ginn, well keen eppes Genäes doriwwer aussoe konnt. An der Tëschenzäit konnte mir ower un Hand vu verschiddenen Dokumenter e wéineg Liicht an d'Ëmstänn vun deenen Arrestatioune bréngen, an et muss ee leider feststellen, datt an deene meeschte Fäll de Verrot duerch fanatesch Nazi-Collaborateuren eng grouss Roll gespillt huet. D'Erëmkomme vun der Gestapo bei der Rundstedtoffensiv huet verschiddene vun hinnen eng gënsteg Geleeënheet zur Revanche ginn.



De 4. Januar 1945, mueres géint 9 Auer, huet d'Gestapo am Haus vum Houfelter Schoulmeeschter Haussuchung gehal an de **Victor Thill** (56 Joer, Papp vu 4 Kanner) festgeholl. Et gouf him reprochéiert, datt hie sech ganz activ un de patriotesche Feiere bei der Liberatioun bedeelegt hätt an datt säi Jong Marcel ‚Déserteur' wier. No senger Arrestatioun ass de Schoulmeeschter Thill an d'Haus Erler zum Gestapoverhéier bruecht ginn; vun do aus gouf hien um 3 Auer nomëttes an d'Haus Schmit transferéiert, wou hien och déi nächst Nuecht verbruecht huet. Den anere Muerent ass hien an onbekannt Richtong fortgefouert ginn.



De 5. Januar gouf de **Misch Streber** vun Houfelt (55 J) doheem am Haus verhaft, woubäi seng Fra (geb. Marie Ross) an engem Niewenzëmmer agespaart gouf, wou si ower matkritt huet, wéi hirem Mann virgeworf gouf, datt hie Member vun der LPL wir, datt seng 2 Jonge ‚fahnenflüchtig' wieren an datt hien no der Liberatioun sech um däitschfrëndleche Buergermeeschter vergraff hätt. Si hunn hien an d'Haus Noé gefouert, wou d'Gestapo hiert Haaptquartéier opgeschloen hat. Do ass en op eneits verhéiert an duerno mat engem Auto oftransportéiert ginn.







Seng Duechter **Catherine Streber** (26 J) ass den 10. Januar festgeholl ginn. Si gouf och vun der Gestapo am Haus Noé verhéiert a beschëllegt, no der Liberatioun der Duechter vum Ortsgruppenleiter eng op de Bak ginn ze hunn. Kee Mënsch weess, wuer si verschleeft gouf.



Den 12. Januar wor d'Rei um **Jean Neser** vun Houfelt (38 Joer). Hie wor grad bei senger Schwester Marguerite Schmitz-Neser op Besuch an huet an der Wäschkichen héieren, wéi d'Gestapo nogefrot huet, watfir Leit am Cortège vun der Liberatiounsfeier derbäi gewiescht wiren. D'Madame Schmitz huet hirem Brudder de Rot ginn, sech derduerch ze maachen. Doropshin ass de Jean Neser op Emweeër bei seng Famill op Helze gaangen. E gouf ower nach dee selwechten Owent vun der Gestapo festgeholl an op Houfelt bruecht, wou en der Gestapo festgeholl an op Houfelt bruecht, wou en deen aneren Dag mam Auto fortgefouert gouf an ni méi erëm koum.



Den 13. Januar ass zu Houfelt nach eng 5. Persoun verhaft ginn: den **Nic. Erler-Neser** (28 J). D'Eltere vu senger Fra, den Här an d'Madame Michel Erler-Zeimes woren am Abrell 1944 ëmgesidelt ginn. Am eidelen Haus woren ower nach 2 Refraktäre verstoppt: hire Jong Pierre Neser am deem säi Koseng Baltes Noé. Dës zwéi sinn du bis zur Liberatioun vum Nic Erler versuergt a ravitailléiert ginn. An der Rundstedt-Offensiv as de 16. Dezember 1944 Gestapo am Haus Erler aquartéiert ginn. Den 13. Januar 1945 hu si den Nic Erler festgeholl a mam Auto fort transportéiert.

Zu Helze goufen dee selwechten Dag 4 Persoune vun der Gestapo geholl: de François Theis (62 J), d'Anna Serres (51 J), d'Marguerite Serres (49 J) an hir Niess Léonie Serres.

13. Januar



De **François Theis** wor net an der Resistenz organiséiert, mä säi Jong Marcel wor active Mëmber vun der LPL a flüchteg. Nodeems datt d'Gestapo den 20. Dezember 1944 an duerno nach e puermol nom Jong froe komm woren, hu si de Papp den 13. Januar matgeholl; wouhinner dat weess keen.

Och d'**Anna Serres** an hir Schwëster **Marguerite Serres** vun Helzen goufen dee selwechten Dag ofgefouert, vläicht well si an der Rundstedt-Offensiv een Amerikaner verstoppt haten, deen d'Preisen an der Famill Serres hirem Schapp fonnt haten. Besonnesch tragesch ass, datt mat den zwou Schwësteren och nach hir Niess **Leonie Serres** vun Esch, ee Kand vu 15 Joer, dat just deen Ament bei hinnen op Besuch wor, matgeholl gouf a grad ewéi déi aner ni méi d'Heemecht erëmgesinn huet.

Mir denken haut a grousser Trauer a mat déiwem Respekt und déi 9 Patrioten, déi hiert Liewen op esou eng tragesch Mannéier hu misse loossen. Si duerfen ni vergiess ginn: si an all déi aner, déi hiert Liewen hierginn hunn fir eis Heemecht a fir datt mir a Fräiheet an engem onofhängege Lëtzebuerg liewe kënnen."

Duerno huet d'Madame Député-Maire Agny Durdu un d'Brutalitéit vum däitschen Okkupant an un de Fanatissem vun den SS-Leit an hire Collaborateuren erënnert. „Fanatiker sinn domm a geféierlech Mënschen", sot si an huet gemengt, et wier vu grousser Wichtegkeet, ëmmer erëm eis Jugend un Hand vun Evenementer aus dem leschte Krich drop hinzeweisen, zu watfir schreckleche Konsequenze Fanatismus an Intoleranz féiere kënnen.

Mat dem Gesank vun der „Heemecht" huet dës émouvant Feier hiren Ofschloss fonnt. Duerno hu sech d'Organisateure mat hiren Invitéen an allen, déi sech uschléisse wollten, am Bachenhaus zesummefonnt, fir bei engem Pättchen an engem gudde Maufel hir Erënnerongen iwwer déi schro Krichsjoren opzefrëschen.

Hei huet dann och den Éierebuergermeeschter Henri Wenkin d'Wuerd ergraff, fir un all dat Leed ze erënneren, dat deemols esou vill Lëtzebuerger Famillje getraff huet. Als fréiere Kazettler vun Hinzert denkt hie mat grousser Emotioun zréck un déi schrecklech Behandlongen, déi d'Kazett-






ler hu missen iwwer sech ergoe loossen, ower och un déi grouss Komrodschaft, déi d'Lëtzebuerger zesummegehal a si gestierkt huet an hirem Wëllen, duerzehalen bis datt eis Heemecht nees fräi wir. Un der Jugend wir et elo, derfir ze suergen, datt eis Fräiheet an Onofhängegkeet och fir d'Zoukonft gesëchert bléiw.

---


**Maacht Dir engem (oder och Iech selwer) gär e schéine Cadeau fir Chrëschtdag?**




Da bestellt bei der LPPD, 75 bvd de la Pétrusse, L-2320 Lëtzebuerg ee schéint Buch mat haarden Deckelen:

„Livre d'Or des Prisons"